

19/08/2020

Am krasse Widdersproch zu dem reelle Potenzial

En öffentlechen Debat iwver d'Wandenergie ass iwverfälleg

Leit, déi sech fir den Erhalt vun der Ëmwelt asetzen am Kontext vun engem ëmstriddene Wandenergieprojet, ginn als inkompetent an egoistesches duergestallt. Op wéi engem Diskussionsniveau si mer hei ukomm, wann u Mangel u rationalen Argumenter e seriöse Sujet muss an d'Lächerlecht gezu ginn?

Déi eigentlech Fro, déi bei dem Ausbau vun der Wandenergie objektiv misst beäntwert ginn, ass déi no der Verhältnisméissegkeet tëschent Opwand, Schued an Notze fir d'Allgemengheet. De Schued, dee beim Bau a Betrib vun industrielle Wandanlage fir d'Ëmwelt entsteet, gëtt an all EIE-Prozedur am Detail dokumentéiert. Den Notze fir d'Allgemengheet ass an der Praxis net noweisbar a muss dowéinst an de Geneemegungsprozeduren och net nogewise ginn.

Déi technesch a wirtschaftlech Zesammenhäng sprengen de Kader vun engem Lieserbréif, dofir kënnen hei just e puer Aspekter ugeschwat ginn. Huele mer als Beispill emol just d'Ausbaupotenzial.

Fir d'öffentlech Akzeptanz net'ze verléieren, verkeeft d'Wandenergie sech nieft der Fotovoltaik als Pilier vun der Energietransitioun am Kontext vun enger Klimaneutralitéit um Horizont 2050.

Déi medial Opmierksamkeet an déi politesch Ënnerstëtzung fir d'Wandenergie stinn awer an engem krasse Widdersproch zu dem reelle Potenzial. Effektiv läit den Undeel vun der Wandenergie an Europa mat ronn 400 TWh (Terawattstunden) eppes iwver 3 Prozent vum Endenergieverbrauch. Mat der Fotovoltaik (ronn 130 TWh) kënn nach 1 Prozent dobäi. Fir d'fossil a nuklear Energie ze ersetzen, misst den Undeel vum Wand- a Solarstrom theoretesch ronn 20-mol méi héich sinn - a wier domat trotz alledem nach ëmmer net regelbar, fir datt d'Stroumnetz stabil bleift.

An Däitschland, mat der weltwäit drëtthéchster installéierter Leeschtung no China an den USA, läit den Undeel vun der Wandenergie mat 127 TWh bei ronn 5

Prozent vum däitschen Endenergieverbrauch a kënn zesumme mat der Fotovoltaik (47 TWh) op ronn 7 Prozent. De Fraunhofer Institut, dee sech enorm fir d'Energiewend asetzt, berechent a sengen aktuelle Projektione fir d'Joer 2050, dat een a verschiddenen Zenarien 5- bis 8-mol méi Wand- a Solarstrom bräicht, fir zesumme mat anere regenerativen Energien ronn 50 bis 60 Prozent vum haitegen däitschen Endenergieverbrauch ze bestreiden.

Hei ginn a komplexe Simulatiounen all Energiesectoren optimal matenee vernetzt (Sektorkopplung). Jee no Verbrauchszenario muss dobäi méi oder manner Energie nach importéiert ginn. Wann ee mat hire Rechenhypothesen déi importéiert Energie, déi jo och emissionsfräi sollt hiergestallt ginn, mat an d'Wand- a Solarproduktioun géing integréieren, da misst dës par rapport zu haut jee no Zenario mat bis zu 15 multipliziéiert ginn. Wann ee weess, dat et haut scho ronn 30 000 indus-

triell Wandanlagen an Däitschland gëtt, an dat aktuell ronn 1 000 Biergerinitiativen den Ausbau quasi gestoppt hunn well d'Mooss einfach voll ass, da mussen esou Projektioneen engem dach ze denke ginn.

Zu Lëtzebuerg ass den Endenergieverbrauch tëschent 2015 an 2018 nees vu 47,2 TWh op 51,4 TWh gewuess, a mat der Wuesstemsofhängegkeet gesäit et objektiv net gutt fir eis zukünftge Verbrauchszuelen aus. Wann een den däitsche Rechemodell op den haitege Lëtzebuerger Energieverbrauch géing iwverdroen, da kéim een theoretesch fir eist Land op eng Gréisstenuerdnung vu bis zu 10000 noutwendige Wandanlagen.

Wat ass also d'Strategie vu Lëtzebuerg? No de leschten Zuele vum ILR vum 7. Juli 2020 huet d'Wandenergie mat 0,28 TWh en Undeel vun engem hallwe Prozent um Endenergieverbrauch. Zesumme mat der Fotovoltaik (0,13 TWh) kënn se op 0,8 Prozent. Bezunn op den heitegen Energieverbrauch

bescheinegt den aktuelle Klimaplang der Wandenergie e potenziellen Undeel vun 1,3 Prozent fir d'Joer 2030 (0,67 TWh) respektiv 2,3 Prozent fir d'Joer 2040 (1,17 TWh). Dat geet vläicht duer, fir ganz altruistesches e puer Wandpromoteuren finanziell ze ënnerstëtzen, mä, wa mer éierlech sinn, kann et wuel kaum e positiven Effekt op d'Klima an op d'Energieversuergung hunn. De Schued an der Natur ass awer haut scho net méi ze verstoppen.

D'Wandenergie verdankt hire Succès engem gutt arodéierte Narrativ a politeschen Absichtserklärungen. Wa mer awer net an der virgezeechenter Sakgaass lande wëllen, da wier virun all weiderem Ausbau vun der Wandenergie e groussen öffentlechen an demokrateschen Debat - änlech ewéi a Frankräich - elo längst iwverfälleg.

Paul Heinen,
Schoos

Dëst ass eng Reaktioun op de Lieserbréif „Don Quichotte in Bürden“.